

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2021

Här President,


Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Pressefreiheit für Anfänger", deen den 31. Mee op Reporter.lu verëffentlecht gouf, heescht et, datt eng héich Mataarbechterin vum Här Minister bei deem besote Medium ugeruff hätt, fir d'Läsche vun engem kriteschen Artikel ze verlaangen.

Duerfir géif ech dem Här Policeminister gär des Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister des Faiten confirméieren?
- 2) Wa jo, huet déi genannt Mataarbechterin op Instruktioun vum Här Minister oder enger anerer Autoritéit am Ministère fir bannenzeg Sécherheet gehandelt?
- 3) Wat waren d'Ursaache vun der Demande fir e bestëmmten Artikel ze läschen?
- 4) Gesäit den Här Minister an dësem Virgoe vu sengem Ministère e Verstouss géint de Prinzip vun der Fräiheet vun der Presse?

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Deputéierten